N°165
Entrée le 12.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/01/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Ville Passagéier, déi vill mam Zuch fueren, ass opgefall, dass an de leschte Wochen eng Rëtsch Zuchverbindunge wéinst "raisons opérationelles" ausgefall sinn. Wéi am L'essentiel ze liesen ass, ass d'Streck tëschent Esch/Uelzecht an Audun-le-Tiche a béide Richtungen zou, dat wéinst ze ville Krankeschäiner bei den Zuchbegleeder.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Zich sinn, opgeschlësselt pro Mount, am Joer 2023 gefuer?
2. Wéi vill Zich sinn 2023, opgelëscht no Mount, ausgefall?
   Wéi vill dovunner si bedéngt duerch d'Absence vum Lokféierer oder Zuchbegleeder ausgefall?
3. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1639 vun 2019 krut ech verschidden Zuelen zur Personalsituatioun bei de Lokféierer, dorënner de Personalbestand, d'Zuel vun den Neiastellungen, d'Zuel vu Kënnegungen, d'Unzuel un Iwwerstonnen an d'Zuel u gestrachene Roudeeg. Kann d'Ministesch dës Tableaue mat den Zuele fir d'Joren 2020 bis 2023 ergänzen, mat enger Opdeelung tëschent Zuchbegleeder a Lokféierer?
4. Wéi huet sech d'Unzuel u Krankeschäiner tëschent vun de Joren 2018 bis 2023 entwéckelt bei de Lokführer a bei den Zuchbegleeder?
5. Ass d'Ministesch der Meenung, dass déi aktuell Personaldecken duergeet, fir déi aktuell an déi zukünfteg Unzuel u Prestatiounen vum Passagéiertransport ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°165
Entrée le 09.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 165 vum 12. Januar 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Personal vun den CFL

D'Unzuel un Zich, opgeschlësselt pro Mount, déi am Joer 2023 gefuer sinn, ass follgend:

Mount	***Unzuel un Zich***
Januar	25.216
Februar	22.877
März	23.506
Abrëll	20.187
Mee	22.160
Juni	23.713
Juli	24.542
August	25.048
September	24.289
Oktober	25.084
November	23.851
Dezember	24.607
Total	***285.080***

D'Unzuel un Zich, opgeschlësselt pro Mount, déi am Joer 2023 partiell oder ganz ausgefall sinn, ass follgend:

Mount	***Unzuel un Zich***
Januar	1.101
Februar	804
März	2.335
Abrëll	545
Mee	668
Juni	464
Juli	441
August	521
September	610
Oktober	562
November	1.023
Dezember	875
Total	***9.949***

2,6% vun den Zich déi ausgefall sinn, waren op d'Absence vum Lokféierer oder Zuchbegleeder zeréckzeféieren.

De Personalbestand u Lokféierer an Zuchbegleeder an de leschte 4 Joer, opgeschlësselt pro Joer, huet sech beim Grupp CFL wéi follgend entwéckelt:

	Lokféierer	***Zuchbegleeder***
Joer	***Zuel***	***Zuel***
31.12.2020	318,4	296,0
31.12.2021	331,4	290,2
31.12.2022	330,6	279,8
31.12.2023	334,2	264,4

D'Unzuel u Lokféierer an Zuchbegleeder, déi an de leschte 4 Joer, opgeschlësselt pro Joer, beim Grupp CFL nei agestallt ginn, ass follgend:

	Lokféierer	***Zuchbegleeder***
Joer	***Zuel***	***Zuel***
2020	36	26
2021	21	15
2022	29	16
2023	35	25

D'Unzuel u Lokéierer an Zuchbegleeder, déi an de leschte 4 Joer, opgeschlësselt pro Joer, beim Grupp CFL hier Plaz opginn hunn, ass follgend:

	Lokféierer	***Zuchbegleeder***
Joer	***Zuel***	***Zuel***
2020	2	6
2021	3	1
2022	2	10
2023	6	11

D'Evolutioun vun den Iwwerstonnen bei de Lokféierer, iwwert déi leschte 4 Joer, opgeschlësselt pro Joer, ass follgend:

Joer	***Unzuel un accumuléierten Iwwerstonnen (a Stonnen)***	***Unzuel u liquidéierten Iwwerstonnen (a Stonnen)***	***Rescht***
2020	2.464	240	2.224
2021	496	1.072	-576
2022	728	5.864	-5.136
2023	664	6.184	-5.520

D'Evolutioun vun den Iwwerstonnen bei de Zuchbegleeder, iwwert déi leschte 4 Joer, opgeschlësselt pro Joer, ass follgend:

Joer	*Unzuel un accumuléierten Iwwerstonnen (a Stonnen)*	*Unzuel un liquidéierten Iwwerstonnen (a Stonnen)*	*Rescht*
2020	1.512	944	568
2021	1.432	1.792	-360
2022	3.760	1.536	2.224
2023	2.968	1.856	1.112

D'Evolutioun vun de gestrachene Roudeeg bei de Lokféierer, iwwert déi leschte 4 Joer, opgeschlësselt pro Joer, ass follgend:

Joer	*Unzuel u Rouhdeeg (an Deeg)*	*Unzuel u liquidéierten Rouhdeeg (an Deeg)*	*Unzuel u net-liquidéierten Rouhdeeg (an Deeg)*	*Unzuel u net-liquidéierten Rouhdeeg (a %)*
2020	32.240	30.855	1.385	4,30%
2021	33.462	31.793	1.669	4,90%
2022	31.815	29.981	1.834	5,80%
2023	31.710	30.698	1.012	3,20%

D'Evolutioun vun de gestrachene Roudeeg bei den Zuchbegleeder, iwwert déi leschte 4 Joer, opgeschlësselt pro Joer, ass follgend:

Joer	*Unzuel u Rouhdeeg (an Deeg)*	*Unzuel u liquidéierten Rouhdeeg (an Deeg)*	*Unzuel u net-liquidéierten Rouhdeeg (an Deeg)*	*Unzuel u net-liquidéierten Rouhdeeg (a %)*
2020	28.808	28.786	22	0,08%
2021	28.704	28.690	14	0,05%
2022	27.511	27.501	10	0,04%
2023	25.515	25.362	153	0,60%

D'Unzuel u Krankeschäiner bei de Lokféierer a bei den Zuchbegleeder huet sech tëschent de Joeren 2018 bis 2023 wéi follgend entwéckelt:

Taux d'absentéisme						
Métier	***2018***	***2019***	***2020***	***2021***	***2022***	***2023***
Lokféierer	3,7%	3,5%	3,5%	3,4%	4,8%	5,3%
Zuchbegleeder	6,8%	5,3%	5,8%	6,6%	8,6%	6,5%

Iwwert déi nächst Joere wäert sech eis Offer mat Hibléck op de „Plan national de la mobilité 2035" erweideren, soudatt sech de Personalstand bei eise Lokféierer an Zuchbegleeder och kontinuéierlech wäert erhéijen, fir dëser Croissance un Offer gerecht kënnen ze ginn.

An dem Sënn gouf den Astellungsprozess bei den CFL och schonn lancéiert.

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes